

Sätzungsbericht vum 3. Mee 2021

3/2021

Present: Manou, Marcel, Patrick, Nicole, Joske, Joé

Ofgemellt: Miguel

démissioun: Gilles Losch

1. Usproch vun der Präsidentin

D'Nicole begréisst all d'Memberen déi present sinn, souwéi och haut den Steve Rollinger an de Joel Meyers vun der Gemeng.

2. Unhuele vum Bericht

De Sätzungsbericht (2/2021) vum 29. Mäerz 2021 gëtt unanime ugeholl.

Nom unhuele vum Bericht ännere mir d'Dagesuerdnung an komme direkt zum Punkt 7.

7. Presentatioun vun der Hal

De Steve an de Joel presentéieren eis un Hand vun enger Powerpoint Presentatioun déi néi Sportshal.

Si ginn eis eng kurz Erklärung wéi d'Hal opgebaut ass an wat an der Hal, wou ze fannen ass, wéi z.B. de Raum mam Airtramp, d'Vestiairen, Buvette, Multifunktiounssäll, Actionpark, asw.

Vu datt e Lüneburger Stegel an dëser Hal feelt, mécht d'Nicole d'Reflexioun, datt et wichteg wier, fir sou een ze kréien, vu datt dësen villsäiteg kann agesat ginn. De Steve huet sech dozou eng Notiz gemaach an gëtt dat weider.

De Steve an de Joel soten eis datt d'Hal explizit fir Sportsaktivitéiten wäert benotzt ginn an net fir aner Manifestatiounen wéi Baler, Hobbymäert, Kleeschen asw..

Mir soen dem Steve an dem Joel villmools Merci fir di ausféierlech Presentatioun vun der néier Sportshal.

Mir bedauern datt ons Kommissioun net vun Ufank un an de Projet/Planifikatioun „Nei Sportshal“ mat agebonne ginn ass, a maachen ons Gedanken iwwert d'futur Gestiou-Concierge vum Site.

D'Nicole informéiert nach emol de Steve Rollinger datt hat kee Badge als Präsidentin vun der Sportskommissioun huet an och kee wëll, sou datt de Badge un de Joé geet, als Sekretär vun der Kommissioun.

No dëser Presentatioun kommen mir op de Punkt 3 vun der Dagesuerdnung zeréck.

3. Realisatioun vum Terrain de Pétanque

Dëse Mount soll den Terrain zu Béiwen gebotzt, respektiv aménagéiert ginn. Wat di aner Terrainen uginn, wart d'Gemeng hiere Masterplang of.

Et gëtt allgemeng vun ons bedauert datt kee richtegt Weiderkommen a Punkto virgeschloe Projeten ze gesinn ass, vu datt de Masterplang muss ofgewart ginn.

4. Nei Membere fir an eis Kommissioun

Et sollen 7 Kandidature eragaang sinn. Dëst war de lëschte Stand vun Donneschdes de 29. Abrëll 2021.

3 Plazen sinn fräi.

De Gilles Losch huet der Präsidentin via Telefon den 03.05.2021, kuerz virun onser Reunioun, matgedellt datt hien aus der Kommissioun demissionéiert aus private/perséinleche Grënn. Hien ass awer weider disponibel fir bei Besoin eng Hand mat unzepaken. E MERCI geet un de Gilles.

Dës Plaz kënn dann warscheinlech nach derbäi.

5. Verschiddenes

- D'Kommissioun gëtt gewuer datt de Projet „Parc Bëschdref“ gefuerdert soll ginn an demno och an noher Zukunft realiséiert soll ginn. An dësem Fall fënnt d'Sportskommissioun et wichteg fir och an dëse Projet mat abezunn ze ginn, vu datt dëse Projet och well puer mol an der Kommissioun op der Dagesuerdnung stoung.
- De Marcel huet der Kommissioun zwee Zéitungsartikele matbruecht, e vun engem Projet, dee kierzlech zu Itzeg realiséiert ginn ass. Dëse Projet kascht laut Zeitungsartikel 32.000 € wou rustikal Übungsstatiounen aus Holz mee och modern Varianten aus Metall opgeriicht ginn sinn. Eng Kopie vun dësem Zeitungsartikel hänkt an der Spéngel. Bei deem zweeten Artikel geet et ëm den Monnericher Park Molter, wou ënnert anerem Pétanque-Felder an Beachvolleyball-Felder dran verbaut ginn. Dësen Artikel hänkt och an der Spéngel.
- D'Nicole stellt d'Fro op d'Responsabel vun der Gemeng Miersch schon ugefrot hunn fir d'Sportshal kënnen ze notzen. Soulaang d'Organisatioun vun der Hal et erlaabt ass d'Kommissioun der Meenung datt och Kanner aus aaneren Schoulen vun aneren Gemengen d'Hal kënnen benotzen. Zudem géife mir et begréissen, wann lokal Verainer d'Virrecht fir d'Benotzung vun der Hal géifen kréien. Dëst misst ee vu Joer zu Joer kucken, wéi dat sech entwéckelt.
- De Joske confirméiert datt déi Demande vun der Gemeng Miersch gemaach ginn ass an e Rendez-vous mat der Mierscher Gemeng geplangt ass.
- A punkto gemeinsame Layout fir d'Kommissiounen lait een Avis der Kommissioun „des relations publiques“ fir.

6. Festleen vun der nächster Versammlung

21. Juni 2021 um 20 Auer an der Koll zu Bruch

mat sportleche Gréiss

Heinz Joé

Sekretär vun der Sportskommissioun